n° 3358

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech folgend **parlamentaresch Fro** un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Eisen Informatiounen no hunn d' Crèches non-conventionnées, déi en Educateur/ Educatrice iwwergangsweis astellen wéinst der aktueller Covid-19 Situatioun, keng *prise en charge des frais supplémentaires* zegutt. Dëst fält laut Aussoe vum Ministère ënnert d' Gestioun vum Träger. Am Fall wou een vum Personal a Quarantän ass, iwwerhëlt d' CNS allerdéngs d`Käschten.

Virum Hannergrond vun der aktueller Kris a wëssend datt et aktuell immens schwéier ass Personal an de Betreiungsstrukturen ze fannen, well ech folgend Froe stellen:

- Kann de Minister eis dëst confirméieren?
- Kann de Minister eis soen, firwat dëst mat de privaten Träger esou gehandhaabt gëtt?

Mat déifstem Respekt,

Françoise Hetto-Gaasch

Deputéiert

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3358 vun der honorabeler Deputéierte Françoise Hetto-Gaasch**

De Finanzement vun den net konventionéierte Crèchë via de Chèque-Service Accueil (CSA) ass iwwer d'Jugendgesetz gereegelt. Eng Prise en charge vun zousätzleche Fraisen ass an deem Kader net explizitt virgesinn.

Effektiv ass et esou, datt d'Betreiungsstrukturen, bedéngt duerch d'Covid-19-Pandemie, ee méi oder manner groussen Ausfall vun hirem Personal kënnen hunn. Dëst entweeder well d'Personal krank oder a Quarantän ass oder well d'Personal op de Congé pour raisons familiales (CRF) zeréckgräift. An all dëse Fäll sinn d'Käschte vum Ausfall iwwert d'CNS ofgedeckt. Wann deemno eng Betreiungsstruktur opgrond vu Krankheet, Quarantän oder CRF Personal muss ersetzen, sinn d'Käschten am Prinzip iwwer d'CNS ofgedeckt.

Wéinst der momentaner Unzuel vu Quarantänen a well et am Moment schwiereg ass, zousätzlecht Personal ze fannen, huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) an Zesummenaarbecht mam Service national de la jeunesse (SNJ) jonk Leit, déi am Service volontaire ageschriwwe sinn, op Demande hin an d'Betreiungsstrukturen (konventionéiert an net konventionéiert) orientéiert. Duerch dës Moossnam sinn aktuell 88 Jonker a 24 verschiddene Strukturen agestallt ginn.

Fir de Betreiungsstrukturen ze erméiglechen, genuch Personal zur Verfügung ze hunn, stellt de MENJE ausserdeem op Ufro hin a fir d'Dauer vun der Kris, Derogatiounen aus par rapport zu der néideger Qualifikatiounen vum Betreiungspersonal.